N° 7792
Entrée le 02.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7792 vum 17. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

Den éierswäerten Deputéierten bериfft sech drop datt him zougedroe gi wier an de leschte Wochen wieren d'Benotzerzuelen vun de Bussen besonnesch an de Spëtzenzäiten esou gutt datt et knapps nach Plazen am Bus géife ginn.

1. *Wéi vill Passagéier huelen d'Linn 303 am Schnëtt wärend de Spëtzenzäiten?*

D'Verwaltung fir ëffentlechen Transport huet eng Analsye vun der automatescher Fahrgastzählung tëschent dem 30. Januar an 13. Mäerz 2023 gemaach. Vu datt nach net grad all Bus mat engem automateschem Zieler ausgerüst ass sinn net all Dag all Faarten gezielt.

Bei de Faarten déi en Zieler hunn, koum folgend Resultat eraus:
Op der Linn 303 fueren an der Moyenne tëschent dem Kierchbierg an Tréier 32 Léit. De Maximum dee konnt iwwer ermëttelt ginn, ware 75 Léit, de Minimum 6 Léit. Richtung Tréier - Kierchbierg fueren an der Moyenne 28 Léit mat, maximal goufen hei 86 Persounen op enger Faart gezielt, den déifste Wäert waren op dëser Richtung 3 Léit. Insgesamt kann ee soen, dass des Linn ganz gutt nogfroot gëtt. D'Nofro variéiert staark tëschent der Spëtzestonn Moies an Owes wat d'Richtung betrëfft.

1. *Wëssen de Minister a seng Servicer doriwwer Bescheed, dass op dëser Buslinn, trotz 13 Busser, Passagéier keng Sëtzplaz am Bus virfannen?*

D'Linn gëtt mat Doppeldeckerbussen assuréiert, déi mindestens 90 Sëtzplazen hunn. D'Zielungen wiesen drop hinn datt d'Linn 303 Moies Richtung Lëtzebuerg a Mëttes Richtung Tréier geleeëntlech Kapazitéitsproblemer huet.

1. *Wäert de Minister den Takt vun dëser Buslinn, ugesiichts vun der héijer Demande, erhéijen? Falls jo, wéi vill Busser solle bäikommen a wéini kéint dëst fréistens geschéien?*

Fir der Demande besonnesch an de Spëtzestonne gerecht ze ginn, gëtt den Takt vun der Linn fir den nächste Fuerplangwiessel am September ugepasst. Et ass eng zousätzlech Faart Moies Richtung Lëtzebuerg an eng weider Mëttes Richtung Tréier geplangt.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch